Reçue le 22.10.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 22 octobre 2021

**Réf. :** 83axd1309

**Concerne**: Questions parlementaires n° 5112 du 19 octobre 2021 de Monsieur le Député Sven Clement, n°5122 du 19 octobre 2021 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch et n°5124 du 20 octobre 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée aux questions parlementaires n°5112 du 19 octobre 2021 de Monsieur le Député Sven Clement, n°5122 du 19 octobre 2021 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch et n°5124 du 20 octobre 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant les "Courriers d'invitation à la vaccination contre la Covid-19".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**
**Ministre de la Santé**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé aux questions parlementaires n°5112 du 19 octobre 2021 de Monsieur le Député Sven Clement, n°5122 du 19 octobre 2021 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch et n°5124 du 20 octobre 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant les "Courriers d'invitation à la vaccination contre la Covid-19".**

Et sinn rezent dréi verschidden Bréiwer am Kader vun der Impfcampagne verschéckt ginn :

- eng Invitatioun fir d' Leit vu 75 Joer an driwwer fir eng drëtt Impfung,
- eng méi generell Invitatioun fir jiddereen iwwert 60 Joer deen nach net geimpft ass, fir sech impfen ze loossen
- eng Invitatioun fir d' Leit déi eng éischt Impfung mam Impfstoff vun Janssen kruten, fir eng Opfrëschung ze maachen mat engem mRNA Vaccin

Well de Bréif fir d' Leit iwwert 60 Joer sech un déi net-Geimpften adresséiert, a well d' Regierung awer keng Lëscht vun den net-Geimpften däerf hunn, war d' Santé gezwongen de Bréif un all Leit, geimpft oder net-geimpft, ze schécken op Basis vum Registre national des personnes physiques (RNPP), dat heescht un d' Résidenten. Dëst ass sécher ëmständlech, a kann och vereenzelt een Doute ausléisen ob et sech hei em eng Invitatioun fir eng drëtt Impfung handelt, mee et war dem Gesondheetsministère do wichteg keen Zweifel opkommen ze loossen dass d' Santé wierklech keng esou eng Lëscht etabléiert, an domat och strikt den Exigenzen vun der Chamber a punkto Dateschutz Rechenschaft ze droen.

De Bréif fir déi drëtt Impfung ass un d' Leit vun 75 Joer an driwwer geschéckt ginn op Basis vun den Impfdonnéen déi d' Santé huet fir Residenten a Frontaliers, konform zum Artikel 10 vum Covid-19 Gesetz, deen explizit am Alinéa 1, Punkt 1° (" *garantir aux citoyens l'accès aux soins et aux moyens de protection contre la maladie Covid-19* ") d' Finalitéit vum Traitement des données virgesäit. Et war an deem Sënn hei essentiell de Leit déi schonns zwou Impfungen haten, selektiv déi drëtt unzebidden fir eng optimal Protectioun virun der Krankheet z'erreeschen. Déi selwecht Prinzipien gëllen fir de Bréif deen un d' Leit gaangen ass, déi eng éischt Impfung Janssen krut hunn.

All Kéiers wann esou ee Courrier un de Public erausgaangen ass, krut d' Helpline den Dag selwer an an deenen Deeg duerno eng ganz Rei Uriff. Dëst war och dës Kéier de Fall an dofir ass dunn och kuerzfristeg d' Personal bei der Helpline opgestockt ginn. Et gëtt awer keng genau Statistiken wéivill Leit via d' Helpline en ImpfRendez-vous op Basis vun de verschiddenen Bréiwer geholl hunn, an zwar aus folgenden Grënn:

- Et ginn nach ëmmer Leit déi weiderhin Rendez-vousen huelen, an dëst wäert och iwwer déi nächst Wochen de Fall bleiwen,
- Net all Persoun déi urifft seet kloer dass de Wonsch fir e Rendez-vous ze froen ausgeléist ginn ass well si e Bréif krut, vill Leit maachen dat och spontan,
- Et kann een och ouni Rendez-vous an een Impfzentrum goen,
- D' Leit hunn och d' Méiglechkeet bei d' Hausdokteren ze goen, an do ginn d' Rendez-vousen direkt vun den Dokteren géréiert a net iwwert d' Helpline.

Et ass dofir schwéier den direkten Impakt vun de Bréiwer via d' Appeler op der Helpline ze moossen.